newsletter 2.2017

Léif Frënn vum DenTheater.lu

Eisen Ensembel freet sech drop, iech kenne matzedeelen, datt mir no Joren erem am Kapuzinertheater an der Stad spillen. D'Première vum Raoul BILTGEN sengem neie Kaméidistéck

"Den Théid gëtt al"

ass den 31. Oktober 2017 em 20 Auer am Kapuzinertheater. Zwou weider Virstellungen am Kapuzinertheater sin den 2. an 3. November 2017 emmer ëm 20 Auer.

Regie:	Claude FRITZ
Dekoren:	Jeanny KRATOCHWIL
Beliichtung:	Jean KRIPPLER
Toun/Technik:	Marcel HAMILIUS
Et spillen :	Sharon ARENDT
	Nathalie GIRA
	Danielle WENNER
	Pierre BODRY
	Claude FRITZ
	Luc LAMESCH



Den Théid gëtt al. An e gëtt zur Laascht fir d'ganz Famill. Bis den Théid enges Daags ophält mat schwätzen. Einfach esou. Ass en dement? Oder huet e soss eppes? Kee weess et. Mee et mécht déi ganz Saach net onbedéngt méi einfach. Op der anerer Säit: Et kann ee sech jo och eng Hëllef organiséieren. An do ginn et dach mat Sécherheet genuch jonk Fraen, déi grad als Flüchtling am Land sinn, déi sech iwwert e klengt Täschegeld freeën. Sou kënnt d'Afif an d'Haus. De Problem ass datt hatt offensichtlech weder Franséisch, nach Däitsch oder Englesch, a scho guer kee Lëtzebuergesch schwätzt. Mee wann den Théid jo och näischt méi seet, dann trëfft sech dat dach perfekt.

Dat neit Kaméidistéck vum Raoul Biltgen beschäftegt sech domadder, wéi mat de Leit ëmgaange gëtt, déi op Hëllef ugewise sinn, déi Al an déi Friem. An datt esou munches wat ënnert dem Deckmäntelche vun der Nächsteléift gesot gëtt, näischt aneschtes ass wéi sech selwer d'Liewen esou einfach ewéi méiglech ze maachen. Do kann engem d'Laache scho mol am Hals stieche bleiwen. Mee wien als leschte laacht …

Kapuzinertheater

Première
31. Oktober 2017 ëm 20 Auer

2. November 2017 ëm 20 Auer
3. November 2017 ëm 20 Auer Reservatioun: www.luxembourg-ticket.lu Tel. 470895-1

Escher Theater
23. Januar 2018 ëm 20 Auer Reservatioun: www.theatre.esch.lu Tel. 540387

Opderschmelz Diddeléng
31. Januar 2018 ëm 20 Auer Reservatioun: www.luxembourg-ticket.lu Tel. 470895-1

ARCA Bartreng
2. Februar 2018 ëm 20 Auer Reservatioun: www.luxembourg-ticket.lu Tel. 470895-1

CAPe Ettelbréck
3. Februar 2018 ëm 20 Auer Reservatioun: www.luxembourg-ticket.lu Tel. 470895-1

Schungfabrik Téiteng
23. Februar 2018 ëm 20 Auer Reservatioun: www.luxembourg-ticket.lu Tel. 470895-1

All Reservatioun och op www.dentheater.lu

Wann Dir sou léif wëllt sinn eis ze ënnerstëtzen, da kaft w.e.g. eng Memberskaart fir e Minimum vun **20 €.**
Iwwerweisung op de Kont: BCEE IBAN LU17 0019 2355 7376 5000
Mir soen Iech **merci** fir Är Ënnerstetzung a géifen eis freeën Iech an enger vun eise Viirstellungen ze gesinn.

Léif Theatergréiss

Claude FRITZ
Artistesche Responsabel

Pierre BODRY
President